

Gebrauchsuweisung Satisfyer Men - Wiermend Gleitmüttel

D'Gleitmüttel vu Satisfyer Men

D'Satisfyer Men Gleitmüttel si medizinesch Produkte fir d'Uwennung op der Haut. Si hunn eng ueleg- a fettfräi Rezeptur an iwwerzeege mat ausgewielten Ingredienzen, kontrolléiertem Hierstellungsprozess an enger ëmfangräicher Prüfung. D'Gleitmüttel si positiv op Haut- a Schläimhautverträglechkeet getest ginn an hunn eng bewise Kondomverträglechkeet.

All Gleitmüttel vun der Satisfyer Men Gamme erfüllen déi streng Ufuerderunge vun der europäescher Richtlinn "93 / 42 EWG über Medizinprodukte" an dem däitsche "Medizinproduktegesetz".

D'Gleitmüttel vu Satisfyer Men sinn op Waasserbasis. Dat bedeit, dass se einfach an ouni Réckstänn mat Waasser ofzewäsche sinn an et huet een och kee peschecht Gefill op der Haut. Si sinn ideal ofgestëmmt fir d'Benotze mat alle Satisfyer Men Produkten, kënnen awer och mat aneren Toyen oder beim Geschlechtsverkéier benotzt ginn.

Sou wierken d'Gleitmüttel

D'Gleitmüttel maachen d'Uwennung mat dengem Satisfyer Men einfach a ouni Reiwung. Si wierke wéi e Schmiermüttel, deen et méiglech mécht, séier an déi méll Housse anzadréngen an d'Uwennung mat dengem Toy ze genéissen. D'Gleitmüttel suergt fir e realistesch Feeling an intensiv Gleifäegkeet. Dobäi erméiglecht seng Rezeptur ouni Faarf a Gout en natierleche Genoss.



Uwennung vu Satisfyer Men Gleitmüttel

Déi praktesch Fläschchen mécht eng einfach Doséierung méiglech. Dro sou vill wéi eng Kakuett grous ass op däi Penis op an och e bësse Gleitmüttel op däin Toy. Verdeel d'Gleitmüttel gläichméisseg op dengem erigéierte Penis a fuer lues an de Masturbator eran.

Beim Geschlechtsverkéier soll een och genuch Gleitmüttel op de Penis oder op de Kondom, deen iwwert den erigéierte Penis gezu ginn ass, an och op de Kierperdeel vum Partner opdroen a mat de Fangere verdeelen. Et gétt recommandéiert, dass ee sech virum Benotzen anstänneg d'Hänn wäscht.

Bei der Uwennung mat engem Kondom onbedéngt d'Hiweiser an der Gebrauchsuweisung vum Kondom kucken.



Propper maache vum Satisfyer Men Gleitmüttel

D'Gleitmüttel vun der Satisfyer Men Gamme kënnen ganz ouni Réckstänn mat Waasser ofgewäsch ginn, ganz egal ob vun der Haut, de chlähmait oder vun dengem Toy. Aus hygenesche Grënn solls du däin Toy virum an nom Gebrauch propper maachen. Dowéinst ass de Satisfyer Men Desinfektant Spray perfekt.

Aner Hiweiser iwwer d'Benotze beim Geschlechtsverkéier Schwangerschaftsverhütung a Schutz virun Infektiounen

D'Satisfyer Men Gleitmüttel schützen net virum enger Schwangerschaft, si enthalen keng spermizid Wierkstoffe a bidden och kee Schutz virun Infektiounen.

Beim Kannerwonsch

Gynekologe recommandéiere kee Gleitmüttel ze benotzen oder just e bëssen ze huelen, wann ee gäre Kanner hätt, well et méi schwéier gétt, schwanger ze ginn.

Aner Hiweiser bei Onverträglechkeeten

Bei der Sich no Onverträglechkeeten, z.B. allergieausléiend Ingredienzen, soll ee virum Benotzen d'Kennzeechnung vum Produit ënner „Ingredients (INCI):“ kucken. Am Fall vun Hautirritatiounen, maach weg de Produit wéi beschriwwen of a kontaktéier eventuell en Dokter.



Ingredienzen

Glycerin, Waasser, Hydroxyethylcellulos, Natriumlactat, Natriumbenzoat, Allantoin, Mëlleschsaier



Hiersteller

Amor-Gummiwaren GmbH
August-Rost-Str. 4
99310 Arndtstadt, Germany



CE 0197